syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Ass eng Reouverture vum Cycle 1 zu dësem Moment an zu dëse Konditiounen ubruecht?

D'Schüler am Cycle 1 hunn e grousse Bedarf un individueller Betreiung fir sech an hirem schouleschen Alldag erëmzefannen. Den Enseignant hëlleft beim Aus- an Undoen, op der Toilette, beim Iessen, a beim Realiséiere vu bal alle schouleschen Aktivitéiten. Hie stellt duerch dësen direkte Kierperkontakt eng wichteg emotional Bezuchspersoun fir d'Kand duer.

D'Hygiènesmesuren oder d'«Gestes barrières», déi elo bei der Reouverture vun de Schoulen am Cycle 2 bis 4 beschtméiglech sollen agehale ginn, ziele jo elo fir den C1 net a ginn och net applizéiert. Den SNE/CGFP huet vun Ufank u gesot, dass et onméiglech wär, déi sanitär Mesuren, déi noutwendeg sinn, am C1 ëmzesetzen. Ausserdeem hätten dës onrealisabel Mesuren derzou gefouert, dass de schouleschen Alldag vun de Kanner aus dem C1 op e Frontalunterrecht erausgelaf a vu Reegelen a Verbueter gepräägt gewiescht wär.

Den Educatiounsminister huet elo decidéiert, aner Reegelen am Cycle 1 anzeféieren. Genau wéi am Cycle 2 bis 4 ginn och hei d'Klassen an zwou Gruppen agedeelt a kommen «en alternance» an d'Schoul. Innerhalb vun dëse Gruppe gëtt e Confinement realiséiert, wou net déi selwecht Reegele brauchen agehalen ze gi wéi an deenen aneren Cyclen. Den Ofstand vun den zwee Meter Distanz gëtt just zu verschiddene Momenter agehalen an d'Kanner ënner 6 Joer solle kee Mondschutz undoen. Beim Fräispill soll probéiert ginn, d'Kontakter tëschent de Kanner op e Minimum ze beschränken. Et wäert awer kaum ze verhënnere sinn, dass d'Kanner sech dobäi, an och bei aneren Aktivitéiten, méi no kommen an dass doduerch d'Ustiechungsgefor erop geet. Esou wéi den Educatiounsminister schonn des Ëfteren a senge Pressekonferenze betount huet, ass et wuel richteg, dass innerhalb vum C1-Grupp méi familiär Kontakter méiglech sinn an dass dëse Grupp sech no bausse schütze soll. D'Kanner kënnen also matenee spillen an interagéieren, sech beweegen a mat alle Sënner Erfarunge maachen, woubäi ee fairerweis zougi muss, dass dëst fir d'Entwécklung vun de Kanner positiv ass.

Mee ass dee positiven Aspekt wierklech am Verhältnis zu de Risiken, déi do geholl ginn?

**Den SNE/CGFP seet ganz kloer «Neen»!**

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

Grad duerch dëse rapprochéierte Kontakt geet den Infektiounsrisiko fir d'Kanner an den Enseignant net erof, mee éischter erop.

Fakt ass, dass dësen esou genannte Confinement am C1 schonn direkt beim Verloosse vum Confinementsgrupp no Schoulschluss, spéitstens awer owes an der Famill opgeléist gëtt an dass déi kleng Kanner do mat anere Leit aus hirem privaten Ëmfeld vermëscht ginn. Wann e Kand sech a sengem Grupp vum C1 infizéiert, esou kéint et d'Infektioun mat a säi familiäert Ëmfeld droen. Ëmgedréint gëllt och:
Wann e Kand sech dobaussen infizéiert, kéint et d'Infektioun och mat an d'Schoul an zeréck a säi Grupp vum C1 droen. De Virus kéint also potentiell vun engem Confinement an en aneren iwwerdroe ginn an dat net nëmme bei engem Kand, mee ënner Ëmstänn bei ville Kanner uechter d'Land. Et kéint zu reegelrechten Infektiounskette kommen. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass een deen Infektiounsrisiko net agoe kann a kann dofir just u senger Positioun festhalen, den C1 net opzemaachen.

**Den SNE/CGFP sprécht sech dofir weiderhi géint eng Reprise vum Cycle 1 ënnert dëse Konditiounen aus, an dat am Respekt vun der Gesondheet vun den Enseignanten a vun de Kanner.**

Matgedeelt vum SNE/CGFP.